GEMENG
PARC HOUSEN

# Pressematdeelung

## betreffend den Noutfallasaz vum 6. August 2026

## um Schoul- Sport- a Fräizäitsite Parc Housen

Housen, de 7. August 2026

Um Donneschdegowend, dem 6. August 2026, koum et géint 18.30 Auer am Parc Housen zu engem gréisseren Asaz vum CGDIS, nodeems ee Kand aus enger Vakanzekolonie am “Centre écologique” vum Parc Housen iwwer een Hautausschlag mat Bass (Juckreiz) geklot huet. Wéi d’Ambulancieren op d’Plaz komm sinn, hu si festgestallt, dass an der Tëschenzäit scho weider Kanner an Educateuren dee selwechten Ausschlag kruten a wéineg spéider hunn och d’Sanitäter déi nämlecht Symptomer gewisen.

Well net direkt erkennbar wor, wat de Grond fir dëse Befall war, gouf dunn de “Groupe d’intervention spécialisé contre les risques nucléaires, radiologiques, biologiques et chimiques” (NRBC), eng Spezialunitéit vum CGDIS, op d’Plaz geruff, fir méiglech Ursaachen ze detektéieren respektiv ausschléissen ze kënnen an déi néideg Sécherheetsvirkéierungen ze huelen. Och de Buergermeeschter vun der Gemeng Parc Housen a President vum interkommunale Schoulsyndikat Sispolo, Romain Wester, gouf op d’Plaz geruff fir d’Zesummenaarbecht vu senge Servicer mam CGDIS ze koordinéieren.

Déi betraffe Kanner, Educateuren an Ambulanciere goufen, nodeems se an der Sportshal ofgeduscht an nei Kleeder kruten, an d’Kannerklinik respektiv an den CHL an d’Stad bruecht fir kontrolléiert a behandelt ze ginn. Si konnten alleguer an der Nuecht erëm heem respektiv zeréck an d’Kolonie goen.

Nodeems et hell gouf huet de Service technique vum Sispolo mam zoustännege Fierschter Daniel Steichen a senger Ekipp ee Freidegmoien den Areal ronderëm de Site vum “Centre écologique” am Parc Housen ofgesicht an op der Spillplaz, wou och d’Kanner gespillt haten, Näschter vum Eichenprozessiounsspënner entdeckt, déi sech dann och als Quell vum Ausschlag erwisen hunn. Ronderëm d’Plaz gouf direkt ee Sécherheetsperimeter mat Beschëlderung ausgewisen. D’Näschter ginn nach um Freideg vun der ANF an enger Spezialfirma ewechgemaach.

D’Gemeng Parc Housen an de Sispolo soen alle Mataarbechter vum CGDIS, vun der Direction de la Santé a vun der ANF ee grousse Merci fir déi professionell a proaktiv Aarbecht.